N° 4238
Reçue le 07.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.05.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nummer 4010 hat ech eng Rei Punkten zum Sproochgebrauch bei enger Ëmfro iwwer Schlofstéierungen aus der Madamm Gesondheetsminister hirem Haus opgeworf. An hirer Äntwert huet d'Madamm Gesondheetsminister dëst domat erkläert, datt esou Ëmfroen misste vun internationale Fuerscher kënne gelies ginn a si wollt doran och keng Diskriminatioun vun de Lëtzebuerger erkennen.
Mä och den Informatiounsbréif, deen an deem Zesummenhang un d'Stéit verschéckt ginn ass, war a véier Sproochen (Däitsch, Englesch, Franséisch a Portugisesch), awer net op Lëtzebuergesch.
D'Argumentatioun vum Sproochgebrauch bei der Ëmfro ass awer op mannst fir den entspriechende Informatiounsbréif net haltbar.

Duerfir géif ech da Madamm Gesondheetsminister nach gär des Nofroe stellen:

1) Wéi war déi Decisioun motivéiert, fir den Informatiounsbréif net op Lëtzebuergesch ze verfaassen? Ass virgesinn fir esou Informatiounen an den dräi administrativen Sproochen erauszeginn?
2) Wéi presentéiert sech d'Situatioun an anere klenge Länner mat enger eegener Sprooch? Falen déi aus internationale medezineschen Etude ganz raus? Wann net, wéi eng Virbildfunktioun kéinten des Länner fir Lëtzebuerg hunn, wat den Sproochgebrauch ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 4238
Reçue le 08.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 7 juin 2021

Réf. : 838xb13b0

Concerne: Question parlementaire n° 4238 du 7 mai 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4238 du 7 mai 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant le « questionnaire sur la qualité du sommeil ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4238 du 7 mai 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant le « questionnaire sur la qualité du sommeil ».

Een Deel vun de Froen betreffend dëse Questionnaire si schonns mat de parlamentaresche Froen 4010 an 4074 beäntwert ginn. Den honorabelen Deputéierten huet awer Recht, et hätt een effektiv kéinten d'Leit op lëtzebuergesch informéieren, dass si leider un dëser Étude net kéinten matmaachen, bei der de Questionnaire nëmmen op Franséisch, Däitsch, Englesch a Portugisesch disponibel war, ausser si wäre natierlech bereet a capabel gewiescht op enger vun deene Sproochen ze äntwerten.

Aner kleng Länner mat enger eegener Sproch sinn an enger ähnlecher Situatioun wat d'Participatioun un Étuden ugeet. D'Validatioun fir d'wëssenschaftlech Benotzung vun engem Questionnaire an enger Sproch ass e laangwierege Prozess, well et muss ee beweisen, dass de Questionnaire effektiv dat miesst wat e moosse soll. Dofir muss eng Validatioun gemaach ginn um Niveau vun der Reproduktibilitéit (Test versus Re-Test, an inter-Evaluateur), vun der Apparence (Layout/"face validity"), vum Contenu, vum Opbau an der interner Kohärenz, vun der sougenannter "Validité concurrante", vun der diskriminatorescher Capacitéit a vun der Sensibilitéit betreffend Variatiounen. Eventuell mussen och transkulturell Adaptatiounen an d'Aa gefaasst an ëmgesat ginn. All dëst ass extrem aarbechtsopwenneg an deem entspriechend deier. Dofir probéiert een esou oft wéi méiglech op schonns validéiert Questionnairen zréckzegräifen, an dës leie natierlech méi heefeg fir Sproochen vir déi vu méi Leit geschwat ginn. Leit a klenge Länner hunn awer oft den Avantage, dass si villsprocheg sinn an domat déi theoretesch Benodeelegung elegant ausgläichen.